N° 4074
Entrée le 08.05.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.05.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 7. Mee 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„ Laut engem Artikel am Tageblatt (*Editioun vum 4. Mee 2026*) plangt d'EU Kommissioun bis 2027 eng Evaluatioun vun de momentane Reegelen iwwer d'*produits à usage unique* ze maachen. Hei soll gekuckt gi wéi effizient déi aktuell Reegele sinn an op se tatsächlech och eppes bréngen.

Parallel leeft eng Petitioun vun engem bekannte Gedrénksproduzent dee bei sengem Produit säit dem Akraafttriede vun de Reegelunge Pabeierstréihällem muss mat liwweren, an net méi Schallimoen aus Plastik. Dat géif souwuel beim Produzent ewéi och bei verschidde Konsumente fir Onmutt suergen, wëll de Pabeier beim Drénken naass gëtt. Ëmweltschützer warnen dofir, datt mat dëse Changementer wichteg Efforte beim Kampf géint d'Plastikverschmotzung a Fro gestallt ginn, a fuerderen dat Firmen un innovativen an nohaltege Léisunge sollte schaffen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Wei gesäit den Här Minister d'Fuerderung vum concernéierte Gedrénksproduzent, dat ee bei de Stréihällem rëm sollt op Plastik setzen?
- Wei bewäert den Här Minister déi aktuell Reegelen an der EU bezüglech de *produits à usage unique?* "

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten